



well ech dat am Fong a menger Ried presentiert hat.

An déi Opfuerderungen un d'Regierung sinn awer Saachen, déi am Virfeld elo net weider ofgeschwat waren. Dofir wär ech natierlech frou, wann ech eng Ënnerstëtzung kréich. Mä d'Madame Minister huet jo gesot, dat wär net de Fall. Elo wollt ech awer froen, ob nach aner Kolleegeen do sinn, déi déi Ënnerstëtzen. An ech wollt och da froen, dass mer dann zum Vote géife kommen.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci. Zousätzlech Wuertmeldungen zur Motioun?

Den Här Kartheiser.

► **M. Fernand Kartheiser** (*ADR*).- Merci, Här President. Mir soen der Madame Andrich Merci fir déi Motioun. Mir hunn eis dat ugekuckt. Mir fannen dat ganz sënnvoll, wat hei drasteet. Ech mengen, dat ass complémentaire zu deem Gesetz, wat mer elo gestëmmt hunn. A mir wäerten déi Motioun dofir och matstëmmen.

Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci dem Här Kartheiser. Dann den Här Engel.

► **M. Georges Engel** (*LSAP*).- Merci, Här President. Mir hunn eis déi Motioun hei natierlech och am Detail ugekuckt, an esou wéi d'Ministesch gesot huet, hu mir vollst Vertrauen a si an an hir Mataarbechter, datt déi Ëmsetzung hei vun dësem Gesetz natierlech esou wäert geschéien, wéi mir dat och virdru virgesinn hunn. An duerfir géife mer als LSAP dës Motioun net stëmmen.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Madame Lorsché.

► **Mme Josée Lorsché** (*déi gréng*).- Merci, Här President. Als Gréng si mir der Meinung, dass déi Motioun d'Regierung entmündegt, well mer der Meinung sinn,...

► **Plusieurs voix**.- Ooh!

► **Mme Josée Lorsché** (*déi gréng*).- ...d'Regierung ass à même, an den Dialog ze trieden, huet dat och wëlles. Se huet och wëlles, déi néideg Ressourcen zur Verfügung ze stellen, fir d'Gesetz ze applizéieren a fir déi nächst Etapp anzelauden.

Si muss och net elo vun engem „steering group“ begleet ginn, wa se et nach net néideg huet. Ech mengen, et sëtze kompetent Leit um Ministère, déi hir Aarbecht gutt maachen. A wa se et fir néideg fënnt, ka se och a Kontakt triede mat aneren Akteuren. Dat, wat se souwiso och scho mécht, wa se Berodung brauch.

An deem Sënn fanne mer dës Motioun iwwerflësseg.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci der Madame Lorsché. Den Här Berger.

► **M. Eugène Berger** (*DP*).- Här President, et ass eigentlech schonn alles gesot, mä nach net vu jiddwerengem. Duerfir wëllt ech awer och soen, datt meng Fraktioun déi Motioun hei net wëllt stëmmen an net wäert stëmmen, well se eigentlech superfétatoire ass. Ech mengen, well et eng Evidenz ass, datt d'Regierung wäert alles maachen, fir déi Punkten, déi hei opgezielt gi sinn, ëmzesetzen. Also duerfir an deem Sënn och eise Vote.

Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Dann den Här Urbany.

► **M. Serge Urbany** (*déi Lénk*).- Merci, Här President. Mir wäerten déi Motioun hei stëmmen, well se och dem Sënn vun eiser Abstentoun virdrun entsprécht, dass ee muss dat do ganz genau weiderhi verfollegen, wéi dat geet.

Et si jo och inhaltlech Indicationen hei dran, déi net nëmmen eleng eppes ze dinn hu mat enger formeller Ëmsetzung vum Gesetz, mä déi och mam Inhalt vun deenen Exekutivmoosnamen ze dinn hunn, wéi zum Beispill wat d'Zesummesetzung vum Conseil scientifique ugeet. Wat eng vun deene Saache war, déi ech och ervirgehuewen hunn, dass et net därer esou sinn, dass erëm eng Kéier déi Leit vun darselwechter Richtung op der Uni Lëtzebuerg do exklusiv dra vertruede sinn. An dat sinn awer déi, déi herno unerkennen, wat se wëllen als Ausbildung an esou weider akzeptéieren a wat net.

Mir fäerten dofir, dass et vill ze vill eng eesäiteg Orientierung gëtt, wann net dee Wonsch hei, fir och dat pluralistesches zesummen ze setzen, géif erfëllt ginn.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci. D'Madame Gesondheetsministesch, mengen ech, huet Stellung geholl gehat. Da kënnen mer zur Ofstëmmung iwwergoen iwwert d'Motioun.

## Vote sur la motion 1

Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. D'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass eriwwer.

### (Interruption)

Den Här Schank huet Jo gestëmmt.

60 Bedeelegungen: 28-mol Jo, 32-mol Neen. Domat ass d'Motioun net ugeholl.

*Ont voté oui: Mmes Diane Aehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank (par M. Laurent Mosar), Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter (par M. Marc Spautz) et Laurent Zimet;*

*MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;*

*MM. Serge Urbany et David Wagner.*

*Ont voté non: MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry (par M. Roger Negri), Mmes Taina Bofferdin, Tess Burton, M. Yves Cruchten (par Mme Claudia Dall'Agnol), Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;*

*MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur (par M. Eugène Berger), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. André Bauler);*

*MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini.*

Mir géifen dann zum nächste Punkt vum Ordre du jour iwwergoen, do geet et ëm eng ganz Rei vu Kooperatiounsaccorden tëschent der Europäescher Gemeinschaft, dem Kambodscha, dem Vietnam, der Mongolei an dem Irak. Et wäert eng Presentatioun vun zwee Rapporteur kommen, deen ee fir déi dräi éischt, an dann deen zweete Rapporteur fir dee leschte Projet. An et wäert och eng gemeinsam Diskussioun ginn.

D'Wuert huet elo direkt den honorabele Rapporteur, den Här Marc Angel. An d'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht. Här Angel, Dir hutt d'Wuert.

## 5. 6726 - Projet de loi portant approbation de l'Accord-cadre global de partenariat et de coopération entre l'Union européenne et ses États membres, d'une part, et la République des Philippines, d'autre part, signé à Phnom Penh (Cambodge) le 11 juillet 2012

### 6727 - Projet de loi portant approbation de l'Accord-cadre global de partenariat et de coopération entre l'Union européenne et ses États membres, d'une part, et la République socialiste du Viêt Nam, d'autre part, signé à Bruxelles le 27 juin 2012

### 6728 - Projet de loi portant approbation de l'Accord-cadre global de partenariat et de coopération entre l'Union européenne et ses États membres, d'une part, et la Mongolie, d'autre part, signé à Oulan-Bator (Mongolie) le 30 avril 2013

### 6729 - Projet de loi portant approbation de l'accord de partenariat et de coopération entre l'Union européenne et ses États membres, d'une part, et la République de l'Iraq, d'autre part, signé à Bruxelles le 11 mai 2012

**Rapport de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Défense, de la Coopération et de l'Immigration sur les projets de loi n°6726, n°6727 et n°6728**

► **M. Marc Angel** (*LSAP*), *rapporteur*.- Merci, Här President, fir d'Wuert. Wéi gesot, bei dësen dräi Gesetzesprojeten, déi ech virstellen, geet et ëm d'Approbatoun vun engem globalen Accord de partenariat et de coopération tëschent der Europäescher Unioun an hire Memberstate mat dräi anere Länner: fir de Projet 6726 mat de Philippinen, fir de Projet 6727 mam Vietnam a fir de Projet 6728 mat der Mongolei. Dës Accords de partenariat et de coopération sinn am Fong déi vertraglech Basis tëschent der EU, hire Memberstaten, fir d'Kooperatioun mat Drëttstaten.

Wat den Accord mat de Philippinen ugeet, hunn d'Verhandlungen vu Juni 2008 bis Juni 2010 gedauert a se goufen 2012 am Kader vun enger ministerieller ASEAN-Reunioun ënnerschriwwen. Dësen Accord schreift sech an, wéi gesot, an e breede Verhandlungsprozess vun den APCen. Am Moment ginn där mat méi Länner a Südostasien verhandelt am Kader vun der ASEAN.

Och dës Accorden hunn d'Vokatioun, fir déi aktuell bilateral Relatiounen tëschent der EU an den ASEAN-Länner ze stäerken. An dës Accords de partenariat et de coopération sinn och eng Viraussetzung, fir spéiderhi mat ASEAN-Länner Fräihandelsokkommessen ofzeschleissen.

Dësen APC mat de Philippinen ass deen éischte bilateralen Accord tëschent der EU an de Philippinen. D'Philippine si Member vum G-24. Se ware Membre fondateur vun der UNO. Si hunn och 2011 de Statut de Rome vun der Cour pénale internationale ratifizéiert, wat en Zeechen ass, dass si sech och am Dossier Rechtsstaatlechkeet engagéiere wëllen.

D'Philippinen hunn eng enorm Croissance économique erlieft. Si hunn eng Croissance vu 6,5% am Joer 2013 gehat. Si sinn de fënneften Handelspartner fir Import an Export vun der EU. An d'EU ass iwwerengs och de héchsten auslänneschen Investisseur op de Philippinen. An d'Philippine sinn hirsäits den 49. Handelspartner vun der EU.

Bei den zéng ASEAN-Länner sinn d'Philippinen de sechsten Handelspartner vu Lëtzebuerg an d'Valeur vun den Échangë beleeft sech op 9,32 Milliounen Euro. D'Échangë vu Servicer tëschent Lëtzebuerg an de Philippinen hunn eng spektakulär Croissance kannt: Déi si vun 2002 vun 2,46 Milliounen op 59 Milliounen am Joer 2011 eropgaangen!

D'Relatiounen tëschent de Philippinen a Lëtzebuerg sinn exzellent, haaptsächlech och eng ganz gutt politesch Kooperatioun um Niveau vun der UNO. D'Philippinen hunn déi lescht Joren e puer Naturkatastrophe kannt, leider. Do huet Lëtzebuerg och eng Aide humanitaire bruecht, déi cumuléiert sech op méi wéi 2,8 Milliounen Euro.

Wat elo de Projet de loi, den APC mam Vietnam ubelaangt, do sinn d'Verhandlungen 2011 ofgeschloss ginn. De Vietnam, dat wësse mer alleguerten, huet an deene leschte Jorzéngten en enormen Effort gemaach, fir sech opzemaachen, politesch a wirtschaftlech. An en huet och eng enorm dynamesch an durabel Croissance, e PIB vu 7,3% en moyenne tëschent 1990 an 2010. Dat huet och dozou bäigedroen, dass et zu enger enormer Reduktioun vum Taux de pauvreté an deem Land komm ass.

Am Joer 2013 war d'EU den zweeten Handelspartner vum Vietnam an deen éischte fir Exporter aus dem Vietnam. De Vietnam ënnerhält natierlech och politesch an ekonomesch Relatiounen mat Lëtzebuerg. Vun den zéng ASEAN-Staten ass de Vietnam de véierten Handelspartner vun onsem Land. D'Valeur vun den Échangë 2013 war 12 Milliounen Euro: 7 Milliounen fir Importer aus dem Vietnam a 5 Milliounen fir Exporter an de Vietnam. D'Échangë vu Servicer mam Vietnam allerdéngs hunn eng enorm Croissance kannt: 2 Milliounen 2003 an 92 Milliounen 2013! D'Balance dovunner ass da largement excédentaire fir Lëtzebuerg: 77 Milliounen am Joer 2013.

Erlaabt mer an deem Zesummenhang och drun ze erënneren, dass de Vietnam jo e Partnerland ass vun der Lëtzeburger Kooperatioun. Mir hunn dee leschte PIC mat dem Vietnam ënnerschriwwen 2011. Dee leeft elo am Joer 2015 aus. A mir sinn, wéi gesot, do an enger Stratégie de sortie mam Vietnam. A mir wëllen doduerch weiderhi Relatiounen mat deem Land halen, ekonomesch Relatiounen.

Zum Ofschloss wollt ech och nach drun erënneren, dass, wéi gesot, d'EU amgaangen ass, och mam Vietnam ze diskutéieren iwwer en Accord de libre-échange.

Wat elo de Projet 6728 ugeet, dat ass den APC tëschent der Europäescher Unioun an der Mongolei, do ersetzt dësen Accord en alen Accord vun 1993, den Accord de coopération commerciale et économique. Dat hei ass en APC, dat ass also e moderniséierte Kader vun de Relatiounen tëschent der Unioun an der Mongolei.

A genau wéi all déi aner Accorden, déi ech virdrun opgezielt hunn, beinhalt dësen Accord och eng Rei vu gemeinsame Prinzipien an och vu gedeeltene Valeuren, déi mer mat der Mongolei an och mat deenen anere Länner, iwwert déi ech virdru geschwat hunn, hunn.

Dësen Accord mat der Mongolei, genau wéi déi aner, ass e méi déift politesch an ekonomesch Engagement tëschent der Europäescher Unioun an der Mongolei an, wéi gesot,

deenen anere Länner. Och dësen Accord, do ginn ech e bësse méi an den Inhalt vun deenen Accorden an, beinhalt, genau wéi déi aner, déi nämlech politesch Standardklauselen iwwert d'Mënscherechter, d'Massevernichtungswaffen, d'Cour pénale internationale.

Dësen Accord setzt sech och an - an dat ass och ëmmer ganz wichteg, dorobber pocht d'Europäesch Unioun jo ëmmer - fir eng méi regional an international Kooperatioun. Dësen Accord, genau wéi déi aner, ass och d'Basis, fir iwwer méi sensibel Sujeten ze diskutéieren, wéi de Blanchiment de capitaux, den Drogenhandel, d'organiséiert Kriminalitéit an d'Korruptioun. An natierlech och d'Obligatioun, fir zesummenzeschaffen an der Lutte géint den Terrorismus.

D'Mongolei, dat wësst Der, ass e grousst Land, tëschent zwee nach méi grouse Länner agekesselt, China a Russland. An dofir nenne si d'Europäesch Unioun hiren drëtten Noper an och e wichtige Handelspartner. D'Handelséchangë tëschent der Mongolei a Lëtzebuerg, déi sinn nach ganz weineg entwéckelt, mä déi hunn awer en enormt Potenzial. An och den Échange vu Servicer ass amgaangen ze demarrieren tëschent der Mongolei a Lëtzebuerg.

D'Mongolei ass fir Lëtzebuerg kee Partenaire privilégié, wat d'Entwécklungspolitik ubelaangt, mä et ass awer trotzdeem e Partner vun eis. Zum Beispill am Joer 2013 sinn 2,3 Milliounen vun der Aide publique au développement vu Lëtzebuerg an d'Mongolei gefloss.

D'APCen erlaben also e méi effikassen Engagement vun der EU an hire Memberstate vis-à-vis vun dësen Drëttstaten, wat d'Entwécklung, wat den Handel a wat d'Investissementen ugeet. Um institutionelle Plang gesinn dës Accorden och e Comité mixte vir, wou Représentantë vun deenen zwou Parteie sinn, an déi kucken, dass déi Accorden dann och gutt ëmgesat ginn. Déi Accorde si fir eng Period vu fënnf Joer ofgeschloss. Se ginn automatesch prorogéiert, all Kéiers ee Joer.

Ech wollt just drun erënneren, dass mer zweemol an der Kommissioun, de 5. Januar an den 28. Januar... an den 28. Abrëll hu mer an der Kommissioun iwwert dës Projekte geschwat. Mir haten eng Unanimitéit. Meng schréfflech Rapporte sinn ugeholl ginn, gradesou wéi de schréffleche Rapport vum nächste Riedner, dem Gusty Graas, deen den APC iwwert den Irak wäert virstellen.

Déi Accorde sinn also unanime ugeholl ginn an der Kommissioun. Ech soen dofir och schonn dem Gusty Graas Merci. An och deen Accord wäert d'LSAP matstëmmen. An ech ginn och elo den Accord vun der LSAP fir déi dräi Accorden, déi ech elo virgestallt hunn.

Ech soen all de Membere vun der aussepolitischen Kommissioun, als President vun där Kommissioun, villmools Merci fir déi konstruktiv Zesummenaarbecht, déi mer an dësen Dossieren hunn. An och Merci fir d'Disponibilitéit vun de Verrieder vum Ministère, mat deene mer ëmmer eng flott Diskussioun hunn, wann déi Projeten hei presentéiert ginn. Merci.

► **Plusieurs voix**.- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci och dem Här Rapporteur. An deen nächste Rapporteur ass schonn ënnerwee fir de Projet de loi 6729. Den Här Graas huet d'Wuert.

**Rapport de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Défense, de la Coopération et de l'Immigration sur le projet de loi n°6729**

► **M. Gusty Graas** (*DP*), *rapporteur*.- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, am März 2006 krut d'Europäesch Kommissioun d'Mandat, fir en neie Partnariats- a Kooperatiounsaccord mat der Republik vum Irak auszehandelen. Am November vum selwechte Joer hunn déi Verhandlungen ugefaangen a konnten no der néngter Reunioun am November 2009 ofgeschloss ginn.

Dësen Accord gëtt u sech e juristesche Kader hier, fir Gespräicher op allerhéchstem politeschem Niveau ze féieren. Den Accord schreift sech awer och an d'Kontinuitéit vun den EU-Efforten an, fir den Irak no 2003 erëm opzebauen. 2003, dorunner kënnt Dir lech bestëmmt jo nach erënneren, wéi de Regime vum Saddam Hussein, virun allem vun enger amerikanescher an englescher Offensiv, eliminéiert gouf.

Iwwer eng Milliard Euro goufen an der Tëschenzäit an d'Rekonstruktioun vun deem Land investéiert. Dës Hëllef baséiert virun allem op den Objektiv vum Millénaire vun der Ent-





wécklung bei der UNO. D'EU ass den éischten Handelspartner vum Irak, mat engem Gesamt-échange vu 16,05 Milliarden am Joer 2013, dat virun den USA, virun Indien an och viru China.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dee Projet de loi hei gouf den 21. Oktober 2014 vum Här Ausseminister déposéiert. De 5. Januar 2015 war ech zum Rapporteur genannt ginn. D'Chambre de Commerce hat hiren Avis den 8. Dezember 2014 virgeluecht. Si begréisst dësen Accord, well virun allem awer och déi politesch an ekonomesch Relatiounen mam Irak heideruer nach kënnen verbessert ginn.

De Conseil d'État, deen hat säin Avis de 6. Februar 2015 ënnerbreet an deen hat och näischt un deem Projet de loi hei auszesetzen.

Ech wëll da kuerz op den Inhalt vun dësem Accord agoen, deen 124 Artikelen huet an a fënnef Haaptdeeler opgedeelt ass.

Am éischten Deel geet et ëm d'Aussepolitik an d'Sécherheet. Gemeinsam solle Moossname géint den Terrorismus an d'Verbreedung vu Waffe geholl ginn. Dierneft gesäit deen Accord awer och hei vir, fir dem Irak spéider de Statut vu Room vun internationale Strofergericht ze ginn.

Am zweeten Deel ginn dann den Handel an d'Investissementer geregelt. Eng progressiv Liberaliséierung vum Commerce an de Schutz vun de Propriétéitsrechter stinn hei am Vierdergrond. Och wann den Irak nach net Member vun der Welthandelsorganisatioun ass, referéiert sech den APC awer hei op d'Regle vum der OMC an och op déi vum GATT aus dem Joer 1994. Et ass och eng Iwwergangsperiod am Beräich vun dem Opmaache vun de Marchés publics hei virgesinn.

Den drëtten Deel behandelt dann d'Kooperatioun. Et geet hei méi spezifesch ëm d'Éducation, d'Jugend, d'Aarbecht, d'Zivillgesellschaft an d'Mënscherechter. Dierneft gëtt awer och den Akzent op déi ekonomesch Zesummenaarbecht geluecht, besonnesch um Niveau vun de PMEen, awer och an de Beräicher vun der Landwirtschaft, vum Transport, der ländlecher Entwécklung, den Telekommunikatiounen, de Finanzen an dem Tourismus. Déi zwee Partner engagéiere sech dann awer och, um Niveau vun der Fiskalitéit méi enk ze kooperéieren.

Ech wëll dann awer och op den Artikel 93 hiweisen. Do geet et méi spezifesch ëm den Ëmweltschutz. An an deem Sënn ass och de Geescht vun der nohalteger Entwécklung an deen Artikel agefloss an d'Europäesch Unioun verflücht sech och do, technesch Kompetenzen dem Irak ze ginn.

D'Justiz, d'Fräiheet an d'Sécherheet sinn dann d'Themen am véierten Deel. D'Migrations- an d'Asylpolitik wéi och d'Lutte géint den Terrorismus an d'Droge sinn do d'Haupsubjecten. Den Artikel 104, deen och eng gewëssen interessant Ausso huet, dee regelt de Schutz vun de Privatsphären. An net onwesentlech ass awer och den Artikel 109, wou bilaterale Austausch um Niveau vun der Kultur virgesi sinn.

Zum Schluss dann nach e kuerzt Wuert iwwert de fënneften Deel, wou et méi ëm generell an institutionell Dispositiounen geet. Virgesinn ass d'Schafung vun engem Conseil de coopération, deen d'Asetze vun dësem Accord iwwerwaache soll. Dee muss och op d'mannst eemol d'Joer zesummekommen. An da gesi sech awer och d'Membere vum irakesche Parlament a Membere vum Europaparlament am Kader vun enger parlamentarescher Kooperatiounskommissioun.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dësen Accord huet eng Lafdauer vun zéng Joer, an e gëtt dann automatesch ëmmer fir ee Joer verlängert, et sief, dass eng vun deenen zwou Parteien sechs Méint virum Oflaf géif opkënnen. Wann en net respektéiert gëtt, an dat virun allem um Niveau vun de Mënscherechter, da kann deen Accord och hei suspendéiert ginn.

Ech wëll am Numm vun der Demokratescher Partei hei den Accord ginn, bieten Iech och, dësem Accord zouzestëmme, a soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och dem Här Graas. Éischten ageschriwwene Riedner ass den Här Laurent Mosar.

#### Discussion générale

► **M. Laurent Mosar (CSV).** - Jo. Merci fir d'Alleréischten deenen zwee Rapporteur, déi eis op hir gewinnnten detailléiert a ganz komplett Aart a Weis déi Accordeschildert hunn, soudatt eigentlech net méi vill derbäizefügen

ass. Ech géif och direkt soen, dass meng Fraktioun bien entendu den Accord zu deene véier Accordes gëtt.

Ech wëll awer vläicht zwou Observatiounen maachen: eng éischt, wat déi Accorden ubelaangt am asiatesche Raum. De Rapporteur huet et schonn ënnerstrach: Déi Accordesinn u sech de Préalabel fir dee ganz groussen Accord de libre-échange mat den ASEAN-Länner. An dofir si se e wichtege Schrëtt.

Et ass elo e bësselche schued, dass den Ausseminister net hei ass. Ech wär nämlech net onfrou gewiescht, e puer Informatiounen ze kréien, wou mer mat deem Accord de libre-échange mat den ASEAN-Länner dru sinn. Et gëtt am Moment ganz vill vun TTIP a vun TiSA geschwat. Dat hei ass och en extrem wichtege Accord de libre-échange. An ech wär, wéi gesot, frou, vläicht an enger nächster Sitzung, wann den Ausseminister eis do kéint nach eng Rei vun Explikatiounen ginn.

Dann eng zweet Remarque, déi den Accordcadre mam Irak betrëfft. De Rapporteur huet dat och ënnerstrach. Do ass u sech eng ganz flott Saach mat dran, an zwar gëtt et do e Comité de coopération tëschent dem Europaparlament an dem irakesche Parlament. Ech géif et just wichteg fannen, wann och déi national Parlamenter do trotzdeem vertraute wieren, well all déi Accorden, dësen Accord och, musse jo vun den nationale Parlamenter ratifizéiert ginn. An dofir géif et och Sënn maachen, dass een och Vertrieeder vun den nationale Parlamenter do derbäi hätt.

Dat gesot, gi mir, wéi gesot, eisen Accord.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci dem Här Mosar. Dann hunn ech den Accord kritt vun deenen zwee Rapporteur. Dann den Här Adam.

► **M. Claude Adam (déi gréng).** - Merci, Här President. Ech wëll och vun der Geleeënheet profitéieren, fir dem Här Angel Merci ze soe fir déi dräi Rapporten. Ech bréngen den Accord vun der grénger Fraktioun fir déi Accordesouwuel mat de Philippinen, dem Vietnam an der Mongolei. Och e Merci un den honorebelen Här Graas fir säi Rapport, an ech bréngen him och den Accord vun eiser Fraktioun fir dee Projet mat dem Irak.

Ech moosse mer net un, fir den Här Ausseminister hei ze schwätzen. Mä ech mengen, op déi Fro, déi den Här Mosar gestallt huet, fir iwwert d'Fortschrëtt an den ASEAN-Verhandlungen ze schwätzen, wäerte mer och an enger Kommissioun kënnen zréckgräifen, well do mécht den Här Ausseminister sech jo wirklich net rar. Do hu mer oft Geleeënheet, fir mat him ze diskutéieren.

Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci dem Här Adam. An nächste Riedner ass den Här Fernand Kartheiser.

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Jo, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, villmools Merci. Et ass och vun eiser Säit aus en härezelech Merci un d'Rapporteur, déi awer eng ganz voluminéis an och eng komplizéiert Matière hei konnte ganz gutt resuméieren.

Mir wollt just als ADR e Kommentar maachen. Mir stëmme déi Gesetzer mat, selbstverständlech, well se jo deene concernéierte Länner och Avantagé bréngen. An et ass sécher, dass mir dat dann och ënnerstëtzen. Mä et ass vläicht och, wa mer esou Accorden ënnerschreien oder ratifizéieren, wéi mer et haut hei maachen, awer interessant, iwwert de Contenu vläicht deen een oder anere Gedanken ze verléieren.

Well mir hu jo eng grouss Debatt hei am Abléck iwwert den TTIP an iwwer aner Accorden, mat Kanada an esou weider an esou virun, an dann ass et interessant, fir ze kucken, wéi mir als Europäesch Unioun eis Partner behandeln. Wa mer hei en Handelssoffkommes maachen oder och en Accord de libre-échange - dat ass elo hei nach net de Fall -, mä: Wéi gi mir mat eise Partner ëm?

A wann een dann déi Texter hei liest, da gesäit een awer, dass ech net ganz vill muss iwwerdreiwen, fir ze soen, dass awer eng gewësse kolonialistesche Attitüd do derhannertsteet. Do si säiteweis Artikelen dran, wou mir gesellschaftspolitesch Iwwerzeegungen, déi eis hei an Europa am Abléck wichteg sinn oder weinstens engem groussen Deel vun der Politik wichteg sinn, déi mer awer dann an déi Traitéeën iwwerhuelen an a Kulturen iwwerdreien, déi vläicht ganz aner Opfaassungen hunn.

Et ass och heiansdo irritant, fir verschidde Saachen ze liesen. Et irritéiert, wann ee liest an engem Traité mat de Philippinen, dass déi mussen do d'Biocarburante promouvéieren - zum Beispill eppes, wat etesch méi wéi diskutabel ass.

Et kann irritéieren, wann ee fir den Irak, engem Land, wat an engem Iwwerliewenskampf ass am Abléck, dass kämpft géint den Islamische Stat an aner Erscheinungen, déi dee Stat a senger Grondsubstanz iwwerhaupt a Fro stellen, wann een dann déi Artikele liest iwwer zum Beispill d'Massevernichtungswaffen, wou mer wëssen, dass dee Krich, den zweeten Irakkrieg, gefouert ginn ass ënnert deem falsche Virwand vun de Massevernichtungswaffen, déi deemools net do waren, an dass dat Land haut natierlech och déi Capacitéit net huet.

Ech wëll dat net a Fro stellen, mä déi Manéier, wéi dat dann an deem Traité do festgehalten ass, dass einfach eng Schabloun, déi applizéiert gëtt an all Traité. An et kann ee sech awer froen, ob dat déi richteg Approche ass, fir mat Länner ëmzegoen, well iwwerhaupt net op hir spezifesch Situatioun vun deem Abléck agaange gëtt.

An dann, et kann ee verstoen, dass déi Saachen drakommen. Et ass einfach dat, wat am Europaparlament gefrot gëtt vun deene Fraktiounen, fir dat do ze ratifizéieren. Mä ëmmer erëm, d'Iwwerleeung, déi ech hei wëllt maachen, ass just, fir emol an de Raum ze stellen, wéi mir mat deenen aneren ëmginn, an engem Kontext, wou mir déi Négociatiounen vun TTIP an esou weider awer hannerfroen.

Dann och deen Accord mam Irak: Et ass bää Wäitem deen dëcksten Accord, well natierlech do mat de Buedemschätz..., also mat der Mongolei och, mä am Irak ass mam Uelech natierlech am Abléck am meeschten ze huelen, do gëtt et relativ vill Dispositiounen iwwer Arbitrage. Bon, elo kann een natierlech soen: Esou wéi den Accord formuléiert ass, ass dat en Arbitrage tëschent Staten. Obschonn ech och net ganz sécher sinn, dass et sech nëmmen op Staten applizéiert. Bei de Redaktiounen vun den Artikelen 57 an 62 besonnesch kann ee sech d'Fro stellen.

Mä och do muss een dann alt erëm eng Kéier froen, an engem nächste Stadium, wann deen Accord de libre-échange da kënnt: Wéi ass et da mam Investitiounsschutz a Länner wéi dem Irak oder der Mongolei, wou grouss Buedemschätz ze huele sinn?

Ech si gär d'accord, fir ze soen, dass mir fir d'Mongolei en drëtten Noper sinn, mä en drëtten Noper soll sech och behuelen. An en drëtten Noper muss och déi verschidden Interesse vun deene Länner respektéieren, mat deene mer Handelsbeziéungen hunn.

Mat Vietnam, wann een deen Accord liest, ass et nach méi surrealistesch, dass mir nach ëmmer Entwécklungshëllef leeschten a Vietnam. Mir dépasséieren hei am Stadium vun den Europa-Vietnam-Beziéungen scho laang de Stadium vun der Entwécklungshëllef, déi mir awer nach ëmmer do leeschten. Natierlech gëtt et do en Opt-out-Zenario, dee mer säit Joren dann diskutéieren, mä dee mer nach net duerchgezunn hunn. An ech mengen, mir si jo och eent vun deene leschte Länner, wann net iwwerhaupt dass lescht, wat iwwerhaupt nach Entwécklungshëllef a Vietnam leescht. An et gëtt héich Zäit, dass mer eis do zréckzéien, well mer op engem ganz aneren Niveau vu Beziéungen schonn ukomm sinn.

Also, all déi Accorden, wéi gesot, mir droe se als ADR mat. Mä déi Approche muss mer awer am A behalen, wéi mir mat anere Länner ëmginn. A mir mussen och, wa mer déi Accorden hei ëmsetzen, wéi mer et haut hei maachen, an a Lëtzebuerger Recht iwwerféieren, da solle mer eis awer och froen: Kënne mir eis als Land dann astellen op déi nei Méiglechkeeten, déi eis déi Accordesinn?

Deen normale Reflex wier jo och, dass mer dann - ech huelen un, et gëtt gemaach, ech sinn awer nach laang net sécher, dass et gemaach gëtt -, dass mer eis mat eisen Acteurs économiques, mat der Chambre de Commerce a mat aneren zesummesetzen an dann och diskutéieren, wéi eng Opportunitéiten déi Accorden eis ginn, ob mer administrativ opgestallt sinn, fir déi Accorden och zum Benefiss vun eisen diverse Wirtschaftssecteuren ëmzesetzen. Ech mengen, dass wier déi Approche, wa mer dat hei maachen, ass et en Exercice, deen derwäert ass, fir ze kucken, dass mer en och fir eis Economie natierlech rentabel maachen.

Awer den Appell, dee mir haut maachen, ass, dass mer eben e Respekt géint iwwer deene Länner erëm léieren, deen hei an dësen Accorden net ëmmer an d'A spréngt.

Villmools Merci.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och dem Här Kartheiser. Nächste Riedner ass den Här David Wagner.

► **M. David Wagner (déi Lénk).** - Merci, Här President. Mir hunn et hei mat véier verschiddenen Accorden ze dinn, vun deenen der dräi

ganz ähnlech sinn, mat de Philippinen, der Mongolei a Vietnam, an engem, dee vun enger, muss een awer soen, besonnesch geopolitescher Brisanz ass, nämlech dee mam Irak.

Gemeinsam hu se awer alle véier, dass se déi dominéierend neoliberal Logik an den internationalen Handelsbeziéungen weider ausbauen an deelweis souguer op d'Spëtzt driewe wëllen. Déi dräi asiatesch Länner hunn, am Moment, verschidden Degrée vun Integratioun an Interessen um Weltmarkt. D'Philippine si Member vun der Welthandelsorganisatioun an hunn och de GATT-Accord ënnerschriwwen. De Vietnam ass eréischt kierzlech der OMC bäigetritt, an d'Mongolei huet weder de GATT ënnerschriwwen nach ass se Member vun der OMC.

Dat ausgeschwat Zil vun der Europäescher Kommissioun ass et, mat de Länner vun südostasiatesche Raum e wäitreichend Fräihandelssoffkommes, an dat gouf schonn och hei gesot, zu Recht, vergläichbar mam TTIP mat den USA, oder mat CETA, deem Accord mat Kanada, ofzeschlëssen.

Déi Accorden, déi mer elo hei an der Chamber virleien hunn, sinn éischter Virleefer a Virbedingung vum Aushandele vun engem gréisseren Fräihandelssoffkommes. Och wann déi heiten Accorden nach ganz wéineg contraignant sinn, esou weise se schonns, a wéi eng falsch Richtung et goe soll. Dee wichtigsten a gréissten Deel vun den APCen hei betrëfft déi kommerziell Zesummenaarbecht a liest sech wéi eng Aart Abécédaire vum Wirtschaftsliberalismus.

D'Kapitalflëss solle vereinfacht ginn an Investitionsbarriären, esou wéi se genannt ginn - et kéint een och Protektiounen soen -, sollen iwwerwonnen ginn. D'Konditiounen, fir Zougang zu deene Marchéen ze kréien, sollen erofgesat ginn, an déi sougenannten „barrières non tarifaires“, dass heescht bestehend Reguléierungen, sollen, wa méiglech, am beschte ganz verschwannen.

Da gëtt och nach vum Klima geschwat, vun engem attraktive Klima fir Investissementer, dass soll geschafe ginn, an d'Konkurrenz als dominéierenden ekonomesche Prinzip soll ausgebaut ginn, an dat och, a besonnesch, am Secteur vun den erneierbaren Energien.

Hei sollen also déiselwecht ekonomesche Prinzipien - Reguléierung a Liberaliséierung -, déi zënter 30 Joer iwwerall an der Welt zu Krisen a Verwerfungen féieren, d'Richtung vun eisen Handelsbeziéungen mat deene Länner uweisen. Et sinn Accorden, déi net an éischter Linn den Interesse vun de Leit dengen, mä deene vun de multinationalen Entreprises, déi Weeër sichen, Benefisser ze maachen.

Et deet mer leed, dass mir eis hei ëmmer erëm répétéieren, mä et gëtt eng Logik. An déi Logik gëtt ëmmer erëm weider applizéiert, och wann ee mierkt, dass et näischt bréngt. Errare humanum est, perseverare diabolicum.

Dee richtegen décken Hummer ass awer den Accord mam Irak! D'Richtung ass déiselwecht wéi bei deenen aneren Accorden, mä et geet nach vill méi wäit. Den Irak ass an enger Situatioun, wou dat Land zënter '91 ënner massiven ekonomeschen a soziale Schwieeregkeeten leit. Net nëmme gouf d'Populatioun vun enger Diktatur ënnerdréckt, mä si huet och gelidden ënner Sanktiounen, déi an éischter Linn d'Zivilpopulatioun getraff hunn.

Dunn, mam illegalen a völkerrechtswiddrigen zweete Golfkrieg, wou zwar de Saddam Hussein „liquidéiert“ gouf - wéi den Här Graas och gesot huet, mä d'Land gouf mat liquidéiert, dass därff een och ni vergiessen -, bei deem och eng Rëtsch Länner aus der EU drun deelgeholl hunn, huet dat Land wuel déi schlëmmste Phas vun Zerstéierung vun öffentlechen Strukturen an Infrastrukture materlieft.

An da kann een drun erënneren, déi kanadesche Publizistin Naomi Klein beschreift an hirem Buch „Shock and awe“ (veuillez lire: „The Shock Doctrine: The Rise of Disaster Capitalism“), also d'Schockstrategie, wéi déi ganz irakesche Ekomomie an enger Päerdskur privatiséiert ginn ass, wéi de Chômage, d'Aarmut an d'Verzweiflung omnipräsent gi sinn, wéi d'öffentlech Lieue komplett zesummegebrach ass, als Resultat dovunner, dass amerikanesch Firme sech alles ënnert den Noll gerappt hunn, d'Land ausbludde gelooss hunn an dunn, wéi näischt méi ze verdénge war, erëm ofgezu sinn.

Zréckbliwwen ass e Land, dass mer haut kennen, an deem et Biergerkrieg oder souguer éischter Krich gëtt an dat iwwerhaupt ëm seng territorial Integritéit kämpft.

Duerch déi neoliberal Schockstrategie ab 2002 vu kompletter Privatiséierung a Liberaliséierung ass ee vun deene gréisste Berceaux vum ISIS, vum internationalen Terrorismus entstanden, an e Land, dass kaum nach an der Lag ass, déi elementarsten Daseinsfürsorge fir seng Popula-





tioun ze garantéieren, e Land, aus deem eleng dëst Joer schonns 1,6 Milliounen Leit geflücht sinn.

Deen Accord, dee mer elo hei virleien hunn, huet, am Géigesaz zu deenen dräi aneren, een-deiteg contraignant Dealer. Obwuel den Irak net Member vun der Welthandelsorganisatioun ass, sollen déiselwecht zwéngend Prinzipie fir hie gëllen. Dësen Accord gesäit vir, datt den Irak an där Situatioun, wou en ass, säi Maart progressiv fir Servicer opmaache soll, dat heescht, datt europäesch Firmen am Irak gläichbehandelt musse gi wéi irakescher.

D'Marchés publics gi liberaliséiert. Dat heescht, wann eng éffentlech Instanz vum Irak eng Ausschreiwung mécht, zum Beispill, fir eng Waasserleitung ze leeën, dann dierfen irakesch Firmen net bevorzugt ginn, ausser si wieren net méi wéi 5% respektiv 10% méi deier - eng Regelung, déi awer soll séier ofgeschaaft ginn. Zu deene Beräicher gehéieren ausdrécklech d'Waasserversuergung, d'Elektresch, d'Eisebunn, d'Telekommunikatiounen an d'Mülloffuhr. Dat sinn heiandsdo och Saachen, déi mir selwer net géifen akzeptéieren - wëll ech drun erënneren -, an zu Recht.

An anere Wieder: E Land, nodeems et futtige-bommt gouf, deem seng Ekonomik komplett um Buedem läit, well alles liberaliséiert a privatiséiert ginn ass, an elo näischt méi funktionéiert, dat Land kritt heimadder all Méiglechkeet geholl, eng eegen Ekonomik opzebaue respektiv se virun de Multien ze schützen!

Am Accord steet dann och nach, datt all Joer soll evaluéiert ginn, ob een déi Beräicher vun de Marchés publics nach ausweide soll. An dann, déi ominéis Schiidsgerichter, déi iwwer Litigé befanne sollen a géint déi d'Zivillgesellschaft hei an Europa Stueren leeft, zu Recht, ginn op Drock vun der EU an dësen Accord geschriwwen.

Als Alleréisch muss ee soen, datt et kee Gericht ass, et och keng Richter sinn, mä et sinn Arbitren, wéi beim Fussball, Privatspezialisten am Handelsrecht, deenen hir Décisiounen och nach bei enger anerer Instanz net uflechtbar sinn, aneschtens wéi beim Fussball, esou wéi dat an engem Rechtsstat misst sinn. A si hunn d'Befugnis, immens héich Strofen auszeschwätzen, an ennergruene domadder d'demokratesch Souveränitéit vu Staten.

Den Här Ausseminister huet an der Debat iwwer ähnlech Verträge mat Georgien gesot: „Rechtsstaatlechkeet an Demokratie, dat si Valeuren, déi mer wëlle wirklech mat deene Länner deelen.“

Dat ass richtig, Här President. Et baut een awer keng Rechtsstaatlechkeet an och keng Demokratie op, andeems een deene Länner Schiidsgerichter imposéiert, déi géint all Prinzip vu Rechtsstaatlechkeet an Demokratie verstoussen.

An dann, zum Schluss, nach dat heiten: Am Artikel 99 vun dësem Accord steet dat souguer, datt den Irak weider Efforten a sengem Privatisatiounsprogramm ze maachen hätt. Wat hätte mer nach gären? Wat solle se nach weider privatiséieren? Dat ass och nach d'Fro, déi sech stellt.

Här President, mat dësem Accord maache mer weder onsen Europäer nach de Mënschen am Irak e Gefalen. Mir kopéieren déiselwecht desastreïs Praktiken vun den Amerikaner an deene leschten zéng Joer, déi dat Land ausbludde gelooss hunn. Fanatismus, Fundamentalismus a Milliounen vu Flüchtlinge sinn d'Resultat vun där doter Politik. No der amerikanescher Schockstrategie ass deen heiten Accord säin europäesche klengen Brudder.

Den Irak bräicht awer am Géigendeel e grouss ugeluechten Investitiounsplan, fir datt seng eegen Ekonomik erëm kéint op d'Bee kommen, esou wéi mir dat an Europa nom Zweete Weltkrich haten, wat een och nach zum Deel kéint kritiséieren, well dat war och net alles oninteresséiert, mä ëmmerhin huet de Marshallplan explizit verhënnert, datt auslännesch Firmen sech beräicheren, an Europa konnt sech erëm opbauen.

Dat heiten ass also, an eisen Aen, genau de Géigendeel dovunner, wat ee misst maachen. Hei solle souguer multinational Firmen nach weider Benefisier aus dem Misär vun dësem Land zéien, e bësse wéi Geieren, déi ronderëm e Kadaver fléien.

Esou eppes kënne mir net ënnerstëtzen. Mir wäerten natierlech dergéint stëmmen, well mir soen, e Vote ass ganz schnell gemaach, mä hei muss ee wirklech oppassen. Dofir: véiermol Neen!

Ech soen Iech Merci.

► **M. Serge Urbany** (déi Lénk).- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Den Här Graas huet sech d'Wuert gefrot.

► **M. Gusty Graas** (DP).- Jo, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wollt nach just e kuerze prozeduralen Oubli nohuelen. Et war

och vläicht falsch interpretéiert ginn. Ech hat just den Accord virdru ginn zu dem APC mat dem Irak, wollt awer selbstverständlech am Numm vun der DP och den Accord zu deenen dräi aneren Accorden hei bréngen. Net datt den Doute géif opkommen, mir géife vläicht op eemol hei sympathiséiere mat eisem Virriedner. Loin de là!

An dowéinst wollt ech dat awer hei kloerstellen an och gläichzäiteg dem Här Angel nach eng Kéier Merci soe fir seng exzellent Aarbecht, déi en an deenen dräi Rapporten do geleescht huet. Merci.

► **Plusieurs voix**.- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci fir déi Prezisioun. Den Här Angel huet d'Wuert och nach gefrot.

► **M. Marc Angel** (LSAP).- Jo. Ech wollt just op d'Interventioun vum Här Kartheiser agoen, dee gefrot huet, wéi esou Accorden, a mir hate jo schonn ähnlech Accorden, wéi hei d'Chambre de Commerce oder wéi mir déi hei ëmsetzen.

Ech wëll drun erënneren, dass bei all dësen Accorden och en Avis, e positiven Avis vun der Chambre de Commerce do ass, an dass zum Beispill muer an der Chambre de Commerce e Séminaire ass iwwert den Accord commercial - dat hei si jo keng Accords commerciaux -, iwwert den Accord commercial, dee mer d'lescht Joer gestëmmt hunn hei tëscht der EU a Peru. Do ass muer zum Beispill ee mat de Lëtzebuerger Wirtschaftsakteuren, wéi mer dat kënne ëmsetzen. Also et gëtt ëmmer e Suivi gemaach zu deene Projeten.

Ech wëll och nach soen, dass mer där heiten Accorde jo nach eng Rei wäerten an d'Kommissioun kréien, an dass mer dann - nach eng Kéier, wann dat de Wonsch ass, an ech mengen, dat ass jo de Wonsch hei - nach méi eng verdéiften Diskussioun mam Minister a mat senger Beamte wäerte kréien.

An dat kënnt jo elo, wa fir verschidde Länner e Fräihandelsafkommen kënnt, do musse mer effektiv ganz gutt oppassen. Mä déi Négociatiounen sinn eréischt 2012 ugaangen, déi si ganz haart. An natierlech duerch den TTIP, wou ville Leit d'Aen opgemaach gi sinn, wäerten déi Négociatiounen vill méi schwéier ginn. An do wäerte mer dann och vigilant matdiskutéieren als national Parlamenten.

Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci dem Här Angel. D'Regierung huet d'Wuert, d'Madame Gesondheetsministesch fir den Ausseminister, deen, wéi säin Numm et seet, dobaussen ass, am Ausland.

**Prise de position du Gouvernement**

► **Mme Lydia Mutsch**, *Ministre de la Santé, Ministre de l'Égalité des chances (en remplacement de M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes)*.- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, den Ausseminister huet mech gebieden, e puer Wieder a sengem Numm ze soen. Fir d'Éischt natierlech Merci ze soe fir déi gutt Viraarbecht, déi geleescht ginn ass an deene leschte Wochen, fir dass déi véier Gesetzestexte kënne haut presentéiert ginn. An dann awer och ausdrécklech deenen zwee Rapporten, dem Marc Angel an dem Gusty Graas Merci ze soe fir hir Viraarbecht an och fir hire gudde Rapport hei.

Et ass scho vun de Rapporten gesot ginn, mir hunn hei véier verschidde Kaderaccorden haut ze stëmmen. Bei dräi vun hinne gëtt et schonn e Kaderaccord, deen am Virfeld, an der Vergaangenheet ofgeschloss gi war: 1980 fir de Vietnam a fir d'Philippinen, an d'Mongolei 1993. Do geet et also drëm, fir elo op där doter Grondlag weider Verbesserungen ze erzielen, virun allem um wirtschaftleche Plang. Dat si méi generell Accorden, wou eng ganz Rei vun Elementer afléissen.

Beim Irak, an dat ass e puermol hei ervirgestrach ginn, komme verstärkt och politesch Considératiounen derbäi. Et geet effektiv ëm eng Villzuel vu Beräicher, vu politesche Froen, wéi de Kampf géint den Terrorismus an d'Féederung vun de Mënscherechter bis hin zum Handel an den Investitiounen, an och Schlesselberäicher wéi Energie a Servicer.

Fir eis ass den neien Accord e Symbol am Fong vun der Europäescher Unioun, fir dem Irak a grad dëse schwéiere politeschen Zäiten zur Säit ze stoen an hinne och, wéi och ëmmer et méiglech ass, ze hëllefe bei hire Beméiungen, fir d'Demokratie an hirem Land weider ze stäerken.

Ech wollt generell betounen, dass et bei kengem vun deenen Accorden ausschliesslech ëm Wirtschafts- an Handelsbeziunge geet, mä dass Lëtzebuerg bei alle Kaderaccorden a bei alle Kooperatiounsaccorden och ëmmer e ganz grouss Wäert op de Respekt vun de Mënscherechter a vun der Rechtsstaatlechkeet geluecht huet. Dat heescht, mir hunn eis och ëmmer

agesat fir eng nohalteg Entwécklung an deene Länner, mat deene mer Accorde maachen an och fir méi sozial Gerechtegkeet, soudass et wirklech schued wier, déi Diskussioun op wirtschaftspolitesch Considératiounen ze limitéieren.

Dat ass besonnesch wichteg bei deem Kaderaccord mam Irak. Leider ass et jo do esou, dass mer weider all Dag schlecht Nouvellë kréien. An eisen Aen ass et wichteg, dass mer hei eng laangfristeg Partnerschaft kënne agoen, fir wirklech dem Land Ënnerstëtzung ze ginn an och Perspektiven ze ginn, déi et brauch, fir aus der Kris erauszekommen.

Bon, do si mer effektiv nach net esou wäit komm, wéi mer gehofft hunn, well den Iwwergang vum Irak, vun engem krisegerëselte Land zu enger stabiler Demokratie, wäert nach ganz laang daueren. Et ass net ëmmer einfach, fir en demokratesche Prozess ze begleeten. Mä, eiser Meinung no, kënne mir och, genee wéi aner Länner aus der Europäescher Unioun, dozou bäidroen, fir am Dialog hinne ze hëllefen a fir och d'Stärkung vun der Zivillgesellschaft virunzedreien.

Et geet dann och drëm, fir sécherstellen, dass den Irak ka staark gemaach ginn, fir och besser sech kënne vum Fléau vum État islamique fräizemaachen, an och de politesche Parteien d'Méiglechkeet ze ginn, fir sech um Opbau vum Land ze bedeelegen. An dass dobäi gehéiert, fir déi wirtschaftlech Infrastrukture vum Land ze stäerken, an och dozou bäizetroen, de Friden ze assuréieren, ass an eisen Aen, zesumme mat der Uechtung vun de Mënscherechter, e ganz grouss Element.

Ech géif dann, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, Iech bieten, fir Ären Aval ze ginn dëse véier Kaderaccorden.

Et sinn hei eng Rei vu Froen gestallt ginn, déi ech mer all opgeschriwwen hunn, virun allem d'Fro vum honorabelen Här Mosar, wat de Stand vun de Verhandlungen mat den ASEAN-Länner ubelaangt. Ech ginn dovunner aus, dass den Här Ausseminister do an deenen nächste Kommissiounen wäert drop äntweren.

An ech géif, fir mäin Deel, Merci soen, dass Der mir erlaabt hutt, am Numm vum Ausseminister hei e puer Wieder zu deenen Accorden ze soen.

Villmools Merci.

► **Plusieurs voix**.- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci och. A mir géifen da successiv zu der Ofstëmmung iwwert déi verschidde Projeten iwwergoen.

Fir d'Éischt de Projet de loi 6726.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi 6726 et dispense du second vote constitutionnel**

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. D'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass elo eriwwer.

60 Deputéierten hu sech direkt oder indirekt bedeelegt: 58-mol Jo, 2-mol Neen. Domat ass de Projet ugehall.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter (par M. Laurent Mosar) et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry (par M. Roger Negri), Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten (par M. Marc Angel), Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur (par M. André Bauler), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Eugène Berger);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Ont voté non: MM. Serge Urbany et David Wagner.

Sidd Der d'accord, fir d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel ze ginn?

**(Assentiment)**

Merci.

Da géife mer zum nächste Projet iwwergoen, de Projet de loi 6727.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi 6727 et dispense du second vote constitutionnel**

An d'Ofstëmmung fänkt direkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. D'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass eriwwer.

Och do datselwecht Resultat: 58-mol Jo, 2-mol Neen. Domat ass de Projet ugehall.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter (par M. Laurent Mosar) et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry (par M. Roger Negri), Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten (par Mme Cécile Hemmen), Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur (par M. Max Hahn), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Lex Delles);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Ont voté non: MM. Serge Urbany et David Wagner.

Sidd Der d'accord, fir d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel ze ginn?

**(Assentiment)**

Villmools Merci. Dann ass dat esou décidéiert.

Deen nächste Projet 6728.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi 6728 et dispense du second vote constitutionnel**

D'Ofstëmmung ass lancéiert. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. D'Procuratiounen.

An d'Ofstëmmung ass eriwwer: 58-mol Jo, 2-mol Neen. Domat ass och de Projet ugehall.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter (par M. Laurent Mosar) et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry (par M. Roger Negri), Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten (par Mme Claudia Dall'Agnol), Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur (par M. Eugène Berger), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Guy Arendt);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Ont voté non: MM. Serge Urbany et David Wagner.

Sidd Der d'accord, fir d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel ze ginn?

**(Assentiment)**

Villmools Merci. Dann ass dat esou décidéiert.

An dee leschte Projet, de 6729.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi 6729 et dispense du second vote constitutionnel**

Och do fänkt d'Ofstëmmung un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen.

An d'Ofstëmmung ass elo eriwwer: 58-mol Jo an 2-mol Neen, domat ass och deen dote Projet ugehall.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Lau-





rent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter (par M. Laurent Mosar) et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry (par M. Marc Angel), Mmes Taina Bofferdin, Tess Burton, M. Yves Cruchten (par Mme Cécile Hemmen), Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Bresseur (par M. André Bauler), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Guy Arendt);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Ont voté non: MM. Serge Urbany et David Wagner.

An ech wollt lech zum Schluss nach froen, ob Der bereet sidd, d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel ze ginn.

#### (Assentiment)

Merci. Dann ass dat esou décidéiert.

A mir géifen zum leschte Punkt vun eisem Ordre du jour iwwergoen, dat ass de Projet de loi 6752, en EU-Reglement iwwert d'lërfschaften an iwwert d'Schafe vun engem europäeschen lërfschaftszertifikat. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht.

An den Här Rapporteur, den honorabelen Här Guy Arendt, ass schonn op der Riednertribün. Dir hutt d'Wuert.

### 6. 6752 - Projet de loi relatif à la mise en application du Règlement (UE) n°650/2012 du Parlement européen et du Conseil du 4 juillet 2012 relatif à la compétence, la loi applicable, la reconnaissance et l'exécution des décisions, et l'acceptation et l'exécution des actes authentiques en matière de successions et à la création d'un certificat successoral européen et modifiant

#### a) la loi modifiée du 25 septembre 1905 sur la transcription des droits réels immobiliers et

#### b) le Nouveau Code de procédure civile

##### Rapport de la Commission juridique

► **M. Guy Arendt** (DP), rapporteur.- Merci, Här President. Léif Kolleeгинnen a Kolleeegen, dëse Projet de loi ass Enn leschtes Joers déposéiert ginn, duerch déi verschidden Etappe gaangen, an den 13. Mee ass de schrëftleche Rapport an der Kommissioun ugeholl ginn.

Dëse Projet de loi setzt d'europäescht Reglement 650/2012 an Applikatioun. Dëst Reglement ass de 4. Juli 2012 vum Europäesche Parlament a vum Conseil votéiert ginn a regelt d'Unerkenne vun Décisiounen an Akten am Kader vu Successiounen an de Memberstate vun der Europäescher Unioun. Groussbritannien, Irland an Dänemark si par contre net un dëst Reglement gebonnen.

Domat schreiwen dës Dispositiounen sech an de Kader vun der Coopération judiciaire an der EU an. D'Zil vun der Schafung vun engem Espace de liberté, de sécurité et de justice an d'Vervollständigung vum Prinzip vun der Reconnaissance mutuelle ginn also elo och op d'lërfschaften ausgeweit. An dat ass och gutt esou!

An de leschte Joren a Jorzéngten haten nämlech ëmmer méi Leit Problemer, hir Rechter am Kader vun engem lërfschaft geltend ze maachen, soubal d'Familljeverhältnissen iwwert déi national Grenzen erausgaange sinn. Et brauch een do nëmmen ze zitieren déi Lëtzebuerger a Lëtzebuergerinnen, déi eriwuer an d'Belsch oder an d'Altersheim an d'Belsch gaange sinn oder soss anzwousch, oder elo déi aktuell Lëtzebuerger, déi eben an Däitschland eriwuerplënnere, déi sinn alleguerte vun deem heite Reglement definitiv betraff.

D'Reglement proposéiert dofir eng ganz Rei Mesuren, déi et dem legalen Ierwe vereinfachen, seng Qualitéit als dësen ze bewiesen a vu senger Rechter Gebrauch ze maachen. E wichtege Schratt ass dobäi och d'Aféiere vun engem Certificat successoral européen. Wann dëse Certifi-

cat un eng Persoun ausgestallt ginn ass, da gëllt dëst Dokument an all Memberstat vun der Europäescher Unioun, ausser wéi gesot déi dräi, déi elo net hei mat vun dësem Reglement befaasst sinn.

Allgemeng gëtt et fir den europäesche Bierger an Zukunft méi einfach an onkomplizéiert am Fall vu grenzüwwerschreidenden lërfschaftsfäll. D'Reglement huet Regeln opgestallt, wat fir e Gesetz fir eng ganz lërfschaft gëllt, onofhängeg dovun, a wat fir engem EU-Land sech déi concernéiert Biens meubles a Biens immeubles befannen.

Et ass also an Zukunft just nach een nationaalt Gesetz applikabel fir eng lërfschaft. Et handelt sech am Regelfall ëm d'Gesetz aus deem Land, wou dee Verstuerwene seng Résidence habituelle hat. Do ass zum Beispill eng grouss Ännerung am Verglach zu der bestehender Situation, wou op d'Immobilien d'Gesetz vun der Lag vun deenen uwendbar wor. Mä opgrond vum Artikel 22 vum Reglement kann een och zu Liefzäiten d'Gesetz ausdrécklech festhalen, wat ee fir d'Successioun auswielt.

Dës Regeln applizéiere sech op all zivill Aspekter vun engem lërfschaft opgrond vum Doud. Steuerrechtlech Froe sinn explizitt net vun dësem Reglement betraff.

Dat betreffend europäescht Reglement ass eigentlech d'application directe fir all Successiounen ab dem 17. August 2015. Mir mussen trotzdem dëse Projet de loi haut stëmmen, well den Artikel 31 vum Reglement eng Mesure de transposition nationale virgesäit. Et geet hei drëms, eng national Autoritéit ze bestëmmen an de Kader ze fixéieren, an deem sech déi Autoritéit bewege soll.

De Projet de loi, iwwert dee mir haut ofstëmmen, proposéiert, d'Notairen als dës Autoritéit zu Lëtzebuerg festzehalen. Trotz e puer klenger Bedenke vum Statsrot zu dësem Choix, deen eigentlech d'Administration de l'Enregistrement et des Domaines am plaz proposéiert huet, huet d'Commission juridique sech décidéiert, d'Notairen als zoustänneg Autoritéit bäizebehalen, dëst aus zwou Ursachen: Éischtens, d'Kommissioun ass der Meinung, dass ee weiderhin eng strikt Trennung tëschent Fonctions juridictionnelles a Fonctions régaliennes bäibehale soll. An zweetens, d'Chambre des Notaires huet sech deenen neien Aufgaben net opposéiert.

Mat dësem Projet de loi setze mir also déi néideg Dispositiounen an nationaalt Gesetz ëm a passen d'Gesetz vum 25. September 1905 iwwert d'Transkriptioun vun den Droits réels immobiliers an den Nouveau Code de procédure civile deementspreechend un.

Här President, Léif Kolleeгинnen a Kolleeegen, mir bleift soss näischt méi iwwreg, wéi lech ze bieden, dëse Projet ze stëmmen, zu deem d'DP hiren Accord gëtt.

Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

#### ► Plusieurs voix.- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci och dem Här Rapporteur. Éischte Riedner ass den Här Léon Gloden.

#### Discussion générale

► **M. Léon Gloden** (CSV).- Merci, Här President. Fir d'Éischt dem Rapporteur Merci fir säi gudd Schrëftlech a mëndleche Rapport. Den Här Rapporteur ass schonn op d'Changementer agaangen. Ech wëlt och just eng Kéier ervirsträichen, datt mer duerch déi Kreatioun vun deem Certificat successoral européen am Fong e Passeport européen schafen, wéi mer deen och an aneren Domänen vum europäesche Recht kennen, wat och am Esprit vun Europa ass.

E gréissere Changement kënnt, an ech géif souguer soen, datt dat e Paradigmewissel ass: Bis haut war ëmmer d'Gesetz applikabel am Kader vun engem Successioun d'Gesetz vun der leschter Residenz vum De cuius. Haut elo mat dësem Reglement kann een d'Gesetz wielen. Et ass d'Gesetz vun deem Stat, wou een d'Nationalitéit huet. Et ka jo emol virkommen, datt ech en cours de route vu mengem Liewen d'Nationalitéit changéieren. Oder wann ech d'duebel Nationalitéit hunn, hunn ech eben de Choix, eent vun deenen zwee Gesetzter ze wielen.

Wéi de Rapporteur gesot huet, mussen mer hei eng Mesure d'exécution huelen, déi am Artikel 31 vum Reglement virgesinn ass, well do ass virgesinn, datt eng Institutioun oder eng Autoritéit muss en Acte d'adaptation en matière des droits réels huelen. Wat heescht dat konkret? Ma ech wëll dat mat engem Beispill illustréieren.

Wann zum Beispill an England eng Successioun opgeet an an där Successioun ginn et Immeublen, zum Beispill zu Lëtzebuerg, an den De cuius huet sengem Successeur oder sengem Légataire en Droit réel op dat Immeubel hei zu Lëtzebuerg ginn ënner engleschem Recht, wat mir hei zu Lëtzebuerg net an där Form kennen, da muss dann hei den Notaire, de lëtzebuergeschen Notaire saiséiert ginn, fir e sougenannten

Acte d'adaptation ze redigéieren, an deem en analyséiert, wéi en Droit réel ënnert dem lëtzebuergesche Recht esou no wéi méiglech dem Droit réel ënnert dem englesche Recht kënnt. E muss do och dann den Esprit vum Gesetz vun deem Land respektéieren, an deem d'Successioun opgeet.

A wéi den Här Rapporteur gesot huet, designéiere mir haut duerch dat Gesetz, wat mer hei elo wäerte stëmmen, eben den Notaire, deen derfir zoustänneg ass.

Domadder ginn ech och den Accord vu menger Fraktioun.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci dem Här Gloden. Nächste Riedner ass den Här Haagen.

► **M. Claude Haagen** (LSAP).- Merci, Här President. Ech mengen, déi juristesche Explikatiounen, déi si ginn. Ech géif dem Rapporteur Merci soe fir säi schrëftlechen a mëndleche Rapport a géif den Accord vun der LSAP-Fraktioun ginn.

Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci. D'Madame Viviane Loschetter.

► **Mme Viviane Loschetter** (déi gréng).- Merci, Här President. Mir maache genau dat selwecht. Mir soen dem Här Arendt Merci fir säi mëndlechen a schrëftleche Rapport a ginn och den Accord vun der grénger Fraktioun zu dësem Projet de loi.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci. Dann den Här Roy Reding.

► **M. Roy Reding** (ADR).- Jo, Merci, Här President. Merci dem Guy Arendt fir seng ganz, ganz flott Explikatiounen an dem Kolleeeg Gloden fir säi gudden Exempel. Ech mengen, och d'Leit, déi manner am Droit dra sinn, hunn elo verstanen, wourëm et geet.

Wichtig zréckzebehalen ass: Dat heiten ass en EU-Reglement, wat d'application directe ass. Dat heescht, egal ob mer et elo gutt fannen oder schlecht fannen, mir kënnen strictelement näischt méi drun änneren! An als ADR mussen mer ganz kloer prinzipiell kritiséieren, datt iwwer zivilrechtlech Froe vun deem doten Ausmooss ka léigféiert ginn, ouni datt eis Chamber do agebonnen ass.

Dat Reglement huet ganz positiv Punkten, wéi zum Beispill de Certificat successoral européen, dee verhénnert, datt een elo muss a ville verschiddene Länner e Certificat siche goen. A ganz vill Lëtzebuerger waren do scho geplot, well se vun engem geierft hunn, deen a Spuenien zum Beispill en Immeubel hat, an a Spuenien, dat muss ee leider Gottes soen, sinn d'Administratiounen duerch d'Bank esou korrump, datt ganz vill Geld muss bezuelt ginn, fir esou e Certificat ze kréien!

Et huet awer och negativ Punkten, wéi zum Beispill d'Notioun...

#### (Interruption)

Dach, dat ass esou, ech kann lech ganz... Bei „private message“ kann ech lech ganz konkret Beispiller ginn.

#### (Brouhaha)

An dësem Reglement huele mer déi Notioun vun „résidence habituelle“ op. Dat ass eng Notioun aus dem Droit anglo-saxon, déi mir net kennen. An do bemängele mer, datt et ëmmer erëm zu enger Verméschung vun zwee Rechtssystemer kënnt duerch déi Manie, alles wëllen ze uniformiséieren, wat awer net uniformiséierbar ass, well eben déi Rechtssystemer komplett verschidden Notiounen kennen.

Effektiv ass ee vun deene wichtigste Punkten, datt ech elo ka wielen, wat fir e Gesetz sech op meng Successioun applizéiert, soulaang wéi dat e Gesetz ass vun engem vun deenen Nationalitéiten, déi ech hunn.

Ee Problem, deen een domadder kéint hunn, wou de Reglement awer och drop reagiert huet, ass deen, datt mir zum Beispill zu Lëtzebuerg eng Réserve héréditaire fir d'Kanner kennen, déi awer ganz vill aner Länner net kennen. An et hätt ee sech kënnen virstellen: Wat geschitt, wann e Lëtzebuerger, deen och Engländer ass, zum Beispill seet: „Ma dann huelen ech elo dat englescht Recht“, wat keng Réserve héréditaire kennt? An do gëtt et awer den Artikel 35 vum Reglement, dee seet, datt den Ordre public gëllt an deem Land, wou e Gericht dermat befaasst ass. Dat heescht, e Lëtzebuerger Riichter géif soen: „Ma eisen Ordre public verbitt d'Entierung vum Kand.“

Wien ass de For? Dat ass dat Gericht, wat befaasst ass, wat jo nees eppes anescht ass wéi dat Gesetz, wat applikabel ass op d'Successioun. An do mussen d'Leit gutt oppassen, well de For, dat ass dee vun der Loi choisie. Dat heescht, a mengem Beispill wier dat en englescht Gericht, wann d'Parteien, spréich d'Ierwen, d'accord sinn. Wann een also an esou enger Situatioun

ass, muss ee ganz gutt oppassen, wat fir en Accord datt een do eventuell gëtt, well virun engem englesche Riichter kéint ech jo deen Ordre public luxembourgeois zum Beispill net invoquéieren.

Dat gesot, ginn ech d'Zoustëmmung vun der ADR-Fraktioun zu dësem Text.

Merci.

#### ► Une voix.- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci och dem Här Reding. An d'Wuert huet elo d'Regierung - ech hu keng aner Wuertmeldung -, den Här Justizminister.

#### Prise de position du Gouvernement

► **M. Félix Braz**, *Ministre de la Justice*.- Merci, Här President. Merci fir d'Éischt der Commission juridique an un der Spëtzt dem Rapporteur fir säi mëndlechen an och schrëftleche Rapport. Ech mengen, souwuel vum Här Arendt wéi vum Här Gloden sinn all d'Explikatiounen gi ginn zu engem Text, vun deem ech mengen, dass et déi lescht Amtshandlung war vun der Madame Modert, den 3. Dezember 2013.

Et ass och e ganz gudden Text, deen och noutwendeg ass, och wann en als Reglement ab dem 17. August 2015 souwisou directement applikabel wier. Ech deelen och do net, wat den Här Reding gesot huet, seng Kritik um Reglement. E Reglement ass demokratesch legitiméiert duerch eis europäesch Institutiounen, vun deene Lëtzebuerg och en Deel ass. D'Reglementer sinn nieft den Direktiven absolutt noutwendeg Rechtsinstrumenter, déi et erlaben, d'Europäesch Unioun ze verdéieren an d'Länner an der Unioun méi no beieneenzebréngen. Déi a Fro ze stellen, géif méi wéi e Schoss an de Knéi fir d'Europäesch Unioun bedeuten. Dofir mengen ech, da solle mer eis un deem Instrument do net stéieren.

Wann ech scho beim Här Reding sinn: Ech wëll lech och kuerz drop hiweisen, Här Reding, dass déi Notioun vun der „dernière résidence habituelle“ net nëmmen eng ass aus dem angelsächeschen Raum. Et ass eng Notion européenne a si ënnerläit och dofir der Interpretatioun vum Europäesche Gerichtshaff um Kierchbiere. Do hu mer also, mengen ech, net déi Distanz zu där Notioun, wéi Dir se elo hei virdru beschriwwen hutt.

Zum Choix vun der Kommissioun, bei den Notairen ze bleiwen: Dat ass natierlech e Choix, deen d'Regierung ausdrécklech ënnerstëtzt. Ech mengen, d'Notairen hunn tatsächlech duerch dat, wat se maachen, déi meescht Kenntnis an dëser Matière. D'Argumenter vum Statsrot sinn net all falsch, dat ass richtig. Mä ech mengen awer, dass ënnert dem Stréch d'Argumenter fir d'Notairen awer dätlich iwwerweien. Dofir sinn ech frou, dass d'Kommissioun bei deem dote Choix bliwwen ass.

Ech wëll just nach ee Wuert soen, Här President, iwwert de méi allgemenge Kontext vum Familjerecht an der Europäescher Unioun. Den Här Rapporteur hat recht, drop hinzeweisen, dass mer hei eis bewegen am gemeinsamen europäeschen Raum fir Fräiheet, Sécherheet a Justiz. D'lërfschaftsrecht ass zu Recht en Deel, deen elo domadder do erageholl gëtt. A mir wäerten och ënner Lëtzebuerger Présidence probéieren, am Familjerecht Fortschreitter ze erreechen. Och do gëtt et zwee Reglementer, déi scho méi laang an der Diskussioun sinn, wou d'Diskussiounen schwierig sinn, wou ech awer net ouni Optimismus sinn, dass mer eventuell ënner Lëtzebuerger Présidence kéinten en Ofschloss op deene kréien.

Dat ass engersäits bei de Régimes matrimoniaux an anersäits bei den Effets patrimoniaux vun de Partenariats enregistrés. Dat si mat verschiddene Länner méi schwierig Diskussiounen. Mä an der Zäit, wou Europa zesummewiisst, wou d'Leit hiert Recht op Mobilitéit ëmmer méi notzen, wou och ëmmer méi Familljen an Europa entstinn, déi aus verschiddene Länner kommen - Lëtzebuerg kennt dat ganz vill, aner Länner manner, awer Tendenz steigend, och gläichgeschlechtlech Koppelen -, halen ech et fir absolutt noutwendeg, dass mer am Beräich vum Familjerecht wierklech Fortschreitter erzielen.

Et ass och dee Beräich, deen de Leit ganz no ass, wou ee wierklech a sengem perséinlechen Alldag ka gesinn, wat d'Europäesch Unioun, d'europäesch Konstruktioun engem bréngt. Dofir, mengen ech, ass et grad wichtig am Beräich vun der Justiz, dass mer am Familjerecht weider verdéieren, weider méi no kommen, och an der géigesäiteger Unerkennung, awer och am Schafe vu gemeinsamen europäeschen Rechter mam Instrument vum Reglement, wat ech an dëser Matière ausdrécklech fir hëllefträich halen.

An op dee Wee wëlle mer eis och an der Lëtzebuerger Présidence, op dee Wee wëlle mer eis weider beginn. Et ass e wichtege Wee fir d'Leit, fir d'Mënschen an der Europäescher Unioun, an all hire Länner, och hei zu Lëtzebuerg ganz